ANIL
Association Nationale des Infirmières
et Infirmiers du Luxembourg

Strassen, le 22.12.20

**ANIL**
7, rue Thomas Edison
L-1445 Strassen
T.: 49 58 09

Chrëschtkëndchen

**WËNSCH VUN DEN INFIRMIEREN UN D'CHRËSCHTKËNDCHEN**

Léift Chrëschtkëndchen,

Eis ass bewosst, dass net ëmmer all Situatioun virauszegesinn ass. Mir sin eis och bewosst, datt mir mat Mënschen schaffen an datt all Mënsch aneschters ass. A genau dofir brauche mir méi Ënnerstëtzung bei eisem alldeeglechen Kampf mam Virus. Mir hunn eng Lëscht erstallt wat alles am Secteur extra-hospitalier gebraucht get (fir e puer Saachen ass et leider schonn ze spéit).

Fir d'Joer 2021 wënschen mir eis:

- Ënnerstëtzung mat Knowhow duerch Hëllef bei der Ausschaffung vun:
  - Noutfallpläng fir den Eeschtfall wann ze vill Bewunner erkranken oder ze vill Personal ausfält,
  - Checklëschten wat ob enger COVID-Unitéit gebraucht geet,
  - Prozeduren, ewéi een sou eng COVID-Unitéit am beschten organiséiert,
  - Prozeduren, ewéi een mat Wäsch a Co vun Leit mat COVID-19 soll ëmgoen,
  - Zesummefaassen vun wëssenschaftlechen Recommandatiounen am Secteur Extra-Hospitalier,
- Material a (finanziell) Ënnerstëtzung fir eis Strukturen dem COVID-19 Virus unzepassen:
  - Ënnerstëtzung vun engem Informatiker fir d'Informatiounssystemer op den leschten Stand ze bréngen an de Bewunner d'Kommunikatioun mat hire Familljememberen ze erméiglechen,
  - Protectiounsmaterial (FFP2-Masken, Mondschutz, Händchen,...),
  - Sammelcommande vun Ipads,
  - Hëllef bei der Uschafung vun Plexiglasscheiwen, Ausstattung vun den Visiteursberäicher mat Material (Still, Dëscher,…) dat een adequat desinfizéieren kann,
- Zousätzlecht Personal fir
  - d'Ëmsetzung vun der Fleegepolitik, d.h. um Familjeministère eng Direction des soins déi bei Decisiounen em d'Fleeg matwierken,
  - d'Bewunner och nuets ze versuergen (eng Infirmière mat enger Aide-Soignante an der Nuet gi scho seit Joere net duer fir 100 Persounen versuergen),
  - déi méi opwändeg Versuergung vun den fleegebedierftegen Leit an COVID-19-Zäiten ze garantéieren,
  - d'COVID-19 Schnelltester an der Nues ze maachen,

  - den Bewunner beschtméiglechst géint den Virus ze schützen a gläichzäiteg d'Liewensqualitéit ze erhalen. Heifir misst d'Astellung vun Infirmière en Prévention d'Infection Nosocominales (Hygieniste) finanzéiert ginn, déi d'Personal dobäi ënnerstëtzen, déi aktuell wëssenschaftlechen Recommandatiounen ëmzesetzen.
- Qualifizéiert Personal duerch
  - Formatioun vum Personal (Tyweck un an ausdinn, Frotti maachen, COVID-19 Vaccin,…),
  - Ufuerderung, dass Chargeeën aus dem Fleegeberuff kommen sollen,
  - en adequaten Skill- an Grademix, sou dass Educateuren an Assistants en Soins Sans Qualification keng Soinsacten méi musse maachen. Heiduerch géingen Infektiounen sech manner verbreeden an Komplikatiounen (Ënnerernierung, Dehydratioun, Longenentzündung,...) erkannt ginn,
  - d'Ofschafen vum Reglement, dass Aide Socio-Familiales mussen zwee Joer ouni Formatioun an der Fleeg schaffen, fir herno hir Formatioun an der Fleeg kennen unzefänken (mëscht jo eigentlech keen Sënn oder?).
- Gesond Personal duerch
  - psychologesch Hëllef fir Personal a Bewunner,
  - Ënnerstëtzung vun engem Pool vun Fleegepersonal, déi do kennen hëllefen wou et brennt.

Mir wëllen betounen, dass et grondsätzlech wichteg ass, dass daat nei ASFT-Gesetz Qualitéitsufuerderungen definéiert, déi op eng gutt Fleeg an net nëmmen op eng gutt VERfleegung hiweisen.

Mir wënschen eis e Ministère, deen séng Verantwortung dréit fir eis gutt duerch dës Pandemie ze hëllefen an de Courage huet Saachen ze verbesseren.

Wien kann hei intervenéieren oder gesäit seng Missioun fir eis heiranner ze hëllefen?

Schéin Chrëschtdeeg a vill Courage

Comité vun der Associatioun vun den Infirmièren vum Lëtzebuerg (ANIL)